Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Januar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Dat neit ASBLs-Gesetz vum 7. August 2023 bréngt fir net gewënnorientéiert Associatiounen eng Rei nei komplex an zäitopwenneg Aufgabe mat sech, dat zum Beispill am Beräich vun der Bereetstellung vun allgemengen Donnéeën awer notamment och am Hibléck op d'Comptabilitéit, wou och déi meescht Sports- a Kulturveräiner drënner falen, déi nach ëmmer vum Benevolat gedroe ginn.

An deem Zesummenhang géife mir der Madamm Justizminister gär dës Froe stellen:

1) Goufen deene Betraffenen Informatiouns- an Ënnerstëtzungsmoossnamen zur Verfügung gestallt? Falls jo, wéi eng? Hunn d'ASBLen duerfir misse bezuelen?
2) Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob a vu wéi enge Coursen, besonnesch och am Beräich vun der Comptabilitéit, déi betraffe Leit an nächster Zäit kënne profitéieren? Kann d'Madamm Minister preziséieren, wéi dobäi dem Ëmstand Rechnung gedroe gëtt, datt grad déi Leit déi sech fräiwëlleg an engem Veräin abréngen, dës Formatioune seele wärend hire reguläre Aarbechtsstonne suivéiere kënnen?
3) Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob déi zäitno Ariichtung vun engem Help Desk fir ASBLe virgesinn ass? Falls net firwat net?
4) Kënnen d'ASBLen Finanzhëllefen ufroen, fir zousätzlech Personalkäschten déi am Kader vun deenen neie gesetzlechen Obligatiounen entstane sinn, ze kompenséieren?
5) Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob grad en vue vum Schutz vum Benevolat mëttelfristeg eng Evaluatioun vum Seuil vun 100.000 Euro Aktiva, sou wéi en am Artikel 18, Paragraph 4 vum genannte Gesetz festgeluecht gouf, virgesinn ass, mam Zil dës Limitt eventuell ze erhéijen an och ze indexéieren?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten